N°1331
Entrée le 12.11.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Fonction publique

**Äntwert vum Här Minister fir d'Fonction publique Serge Wilmes op d'parlamentaresch Fro n°1331 vum 10.10.2024 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen iwwert d'„mobilité interne" beim Staat**

Ad 1)

Ech hu keng Statistiken déi opleschten, wéi laang eng Annonce op der Plattform GovJobs publizéiert gëtt. Et sinn d'Ministèren an d'Verwaltungen déi de Posten ausschreiwen, déi aleng decidéieren, wéi laang de Posten op der Plattform publizéiert soll ginn. De Poste muss awer e Minimum vu 5 Schaffdeeg veréffentlecht ginn, esou wéi den Artikel 7§2 vum Gesetz iwwert de Changement d'administration (loi modifiée du 25 mars 2015 fixant les conditions et modalités selon lesquelles le fonctionnaire de l'État peut changer d'administration) et virschreift : « Tout poste vacant à occuper par le biais du recrutement interne doit être publié par la voie appropriée pendant au moins cinq jours ouvrables. »

Ad 2)

Den Tableau hei drënner rekapituléiert d'Unzuel vun den agereechte Kandidaturen an d'Unzuel vun den effektive Changementer an eng aner Administratioun :

| | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|---|---|---|
| Kandidaturen | 623 | 960 | 869 | 1900 | 1964 |
| Changementer | 202 | 105 | 120 | 184 | 174 |

Dës Zuele sinn awer och am Rapport d'activité vum Ministère fir d'Fonction publique ze fannen.

Ad 3)

Dës Fro vum honorabelen Deputéierte schéint mir net ganz kloer ze sinn. Wann domat gemengt ass, wéivill Beamten a Beamtinnen tëschent Verwaltunge gewiesselt hunn, déi deem selwechte Ministère ënnerstinn, da kann ech déi Informatiounen net liwwere well keng esou Statistike gefouert ginn. Wann d'Fro ass, wéivill Beamten a Beamtinnen innerhalb vun deene jeeweilege Ministèrë gewiesselt hunn, dann ass et kee Changement d'administration, dee per Arrêté festgehal gëtt, mee dann ass et e Changement d'affectation, dee weder dem Ministère fir d'Fonction publique, nach dem CGPO matgedeelt gëtt

10, avenue John F. Kennedy
L-1855 Luxembourg
Tél. (+352) 247-83100
B.P. 1807
L-1018 Luxembourg
www.fonction-publique.public.lu

Ad 4)

De « recrutement interne » betrëfft just Beamten a Beamtinnen, also Leit déi scho beim Staat oder bei enger Gemeng schaffen.

Ad 5)

De CGPO mécht kee Scoring, ma kontrolléiert just d'Recevabilitéit vun der Kandidatur, dat heescht:

- Ass de Kandidat oder d'Kandidatin Fonctionnaire ?
- Postuléiert de Kandidat oder d'Kandidatin a sengem oder hirem groupe de traitement ?
- Ass d'Nationalitéit déi, déi och vum Gesetz fir dee Poste virgeschriwwen ass ?
- Ass d'Kandidatur am Delai erakomm ?

Wann dës 4 Konditiounen erfëllt sinn, gëtt den Dossier un de Ministère oder d'Verwaltung weidergeschéckt, déi dann hir Selektioun maachen.

Ad 6)

Op der Plattform GovJobs sinn effektiv keng Statistiken zum Rekrutement ze fannen. Am Rapport d'activité vum Ministère fir d'Fonction publique fënnt den honorabelen Deputéierten awer allerhand Zuelen zu dësem Thema, notamment (ëmmer vun de leschten 3 Joer):

- Unzuel u Kandidature fir Fonctionnaires- Employés- a « Mobilité interne »-Posten ;
- Unzuel u Kandidaten a Kandidatinnen, déi sech fir d'«Épreuve d'aptitude générale » aschreiwen, opgeléscht no groupe de traitement ;
- Unzuel u Kandidaten a Kandidatinnen, déi un der «Épreuve d'aptitude générale » Deel huelen, opgeléscht no groupe de traitement ;
- Unzuel vun de publizéierte Posten ;
- Unzuel u Kontrakter déi gemaach gi sinn (CDI, CDD, Avenanten a Resiliatiounen).

Lëtzebuerg, de 12. November 2024

De Minister fir d'Fonction publique

(s.) Serge Wilmes